N°3423
Entrée le 10.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'Fonction publique a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3423 vum 9. Januar 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Sven Clement iwwert d'"Identification et valeur juridique des courriels émis par les administrations"

1. Ass de Minister iwwer dës Praxis vun anonymiséierten an net ënnerschriwwene Korrespondenzen an hiren Administratiounen informéiert?

Korrespondenz mat de Bierger ass grondsätzlech personaliséiert, de Numm an d'Funktioun vum zoustännege Mataarbechter sollen enthalen sinn.

Am Kader vum Iwwerschaffe vun de Geneemegungsprozedure bei de Verwaltunge vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit ginn, wa méiglech, déi betraffen Echangen esou ëmgeännert, datt eng Kontaktpersoun referenzéiert gëtt.

2. Ass d'Verschécke vu E-Mailen ouni d'Nenne vum Numm a vun der Funktioun vum zoustännege Mataarbechter konform mat de legale Bestëmmungen iwwer d'administrativ Prozedur an de Prinzippie vun der Transparenz am ëffentlechen Déngscht?

Wéi uewe scho gesot, gëtt Wäert op Transparenz an d'Nenne vum zoustännege Kontakt bei der Korrespondenz mat de Bierger geluecht.

Dobäi soll sech souwuel bei formellen, wéi och bei informellen Echangë mat de Bierger an den Entreprisen un d',,Lignes de bonne conduite administrative", déi 2017 adoptéiert goufen, gehal ginn.

3. Wéi eng juristesch Valeur hunn inhaltlech Aussoen oder Refusen, déi dem Bierger iwwer esou anonymiséiert E-Maile matgedeelt ginn?

Reng informativ, erklärend oder automatiséiert E-Maile si keng formell administrativ Decisiounen (,,actes administratifs faisant grief‘‘).

4. Handelt et sech bei E-Mailen, déi eng Upassung oder eng Geneemegung explizit ofleenen ("net denkbar"), ëm administrativ Akten (actes administratifs faisant grief), géint déi e Recours méiglech ass? Wa jo, wéi verhält et sech mat den Delaie fir e Recours, wann d'Decisioun net formell matgedeelt gouf an den Auteur net identifizéierbar ass?

Formell administrativ Decisioune (,,actes administratifs faisant grief") ginn iwwert de gesetzlech bestëmmte Wee kommunizéiert a klären den Adressat iwwert Recoursméiglechkeeten an Delaien op.

De Recoursdelai riicht sech nom Gesetz, op deem d'Decisioun baséiert.

5. Gedenkt de Minister Instruktiounen ze ginn, **fi**r sécherzestellen, datt all administrativ Decisioun, och wann se per E-Mail verschéckt gëtt, kloer engem zoustännege Beamten zouzeuerdnen ass an de formelle Viraussetzungen entsprécht?

Wéi an den Äntwerten op déi viregt Froen erkläert, ginn et scho *lignes de bonne conduite*.

Lëtzebuerg, den 10/02/2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir d'Fonction publique